N°4697
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.09.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. September 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Hären Inneminister a Finanzminister weiderzeleeden.

Am September 2023 huet den dänesche Finanzministère eng aktualiséiert Analys mam Titel "Indvandreres nettobidrag til de offentlige finanser i 2019" publizéiert. Dës Etüd weist bedeitend Ënnerscheeder tëscht verschiddenen Immigratiounsgruppen op. Fir Persounen aus de sougenannte MENAPT-Länner (Mëttleren Osten, Nordafrika, Pakistan an Tierkei) ass eng substantiell Netto-Belaaschtung vun den ëffentleche Finanze festgestallt ginn.

Parallel dozou huet eng däitsch Etüd vun der "Stiftung Marktwirtschaft" mam Titel „Zur fiskalischen Bilanz der Zuwanderung" mat falsche Virstellungen opgeraumt. Dës Etüd vu Januar 2024 kënnt zum Resultat, datt déi aktuell Migratiounsstréim, nees aus MENAPT-Länner, aus fiskalescher Siicht keng Entlaaschtung, mee am Géigendeel eng zousätzlech Belaaschtung fir d'Sozial- a Staatsfinanzen duerstellen.

Och eng hollännesch Etüd aus dem Joer 2024 vum Migratiounsfuerscher Gerrit Kreffer mam Titel „The Long-Term Fiscal Impact of Immigrants in the Netherlands, Differentiated by Motive, Source Region and Generation" kënnt zu änleche Resultater an der Conclusioun, datt sech bedeitend Ënnerscheeder am laangfristege fiskaleschen Impakt jee no Hierkonft, Migratiounsmotiv a Generatioun weisen an datt verschidde Migratiounsstréim d'ëffentlech Finanzen netto kloer belaaschten an domat also kee finanzielle Gewënn fir eng Gesellschaft duerstelle mussen.

Och wann déi dänesch Resultater un déi spezifesch lëtzebuergesch Verhältnisser ugepasst misste ginn, gëtt et op den éischte Bléck kee Grond, firwat eng änlech Evaluatioun net och fir Lëtzebuerg kéint duerchgefouert ginn. Dofir drängt sech d'Fro op, ob de fiskaleschen Impakt vun de verschiddene Forme vun Immigratioun zu Lëtzebuerg scho systematesch ënnersicht gouf.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär follgend Froe stellen:

1. Existéiert zu Lëtzebuerg eng Analys, Etüd oder reegelméisseg Evaluatioun iwwer de finanziellen Netto-Impakt vun der Immigratioun op d'Staatsfinanzen, ënner anerem a Bezuch op

ADR – Groupe parlementaire **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

Steierrecetten, Sozialtransferten, Gesondheets-, Educatiouns-, Wunnengs- an Integratiounskäschten?

2. Falls jo, wat sinn déi wichtegst Conclusiounen, a gouf dobäi och eng Differenzéierung no Nationalitéiten, Hierkonftsregiounen oder Migratiounskategorien (Aarbechtsmigratioun, Familljenzesummeféierung, Asyl, internationale Schutz, asw.) virgeholl?
3. Falls keng esou Analys existéiert, ass d'Regierung bereet, eng ëmfaassend Etüd nom Virbild vun der dänescher Analys ausschaffen ze loossen, fir de fiskaleschen Netto-Impakt vun de verschiddene Forme vun Immigratioun zu Lëtzebuerg transparent ze evaluéieren?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi vum dänesche Finanzministère festgestallten Ënnerscheeder tëscht verschiddenen Hierkonftsgruppe prinzipiell relevant Indikatioune fir aner europäesch Länner duerstellen, oder gesäit si Grënn fir unzehuelen, datt d'Situatioun zu Lëtzebuerg fundamental anescht ass?
5. Wéi bewäert d'Regierung de laangfristegen Impakt vun der net-europäescher Immigratioun op d'Finanzéierung vun de Sozialversécherungen, de Pensiounssystem, den ëffentleche Wunnengsbedarf, d'Infrastrukturen an d'ëffentlech Finanzen allgemeng?
6. Verfüügt d'Regierung iwwer Prognosen oder Modeller, déi den Nettoeffekt vun der aktueller Migratioun op d'Staatsfinanzen iwwer déi nächst 10, 20 oder 30 Joer ofschätzen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten